B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

Léisungen

Kapitel 5

Léisungen Kapitel 5

Wunnformen Säit 94+95

2. Sinn dës Aussoe richteg oder falsch? Kuckt am Text no a verbessert déi falsch Aussoen. Vergläicht duerno Är Verbesserungen.

Zum Beispill: schwéier

1. Et ass ~~einfach,~~ zu Lëtzebuerg eng gënschteg Wunneng ze fannen.
   Dat ass falsch: Et ass schwéier, zu Lëtzebuerg eng gënschteg Wunneng ze fannen
2. Déi nei Wunnquartiere gi just no ökologesche Krittäre gebaut.
   Dat ass falsch: D'Proximitéit, déi reduzéiert Benotzung vun Autoen an d'Förderung vu sozialer Interaktioun sinn aner wichteg Punkten.
3. De Staat investéiert Suen, fir bezuelbare Wunnraum ze schafen. **Dat ass richteg.**
4. An enger Wunngenossenschaft ginn d'Decisiounen am Grupp geholl. **Dat ass richteg.**
5. An enger Seniore-WG deelen e puer eeler Leit sech eng Wunneng.
   Dat ass falsch: All Persoun huet eng eege Wunneng, mee et ginn och gemeinschaftlech Raim.
6. An enger Seniore-WG kënnen déi eeler Leit professionell Hëllef kréien. **Dat ass richteg.**
7. An enger intergenerationeller WG wunnen d'Studenten an d'Seniore zesummen an enger Wunneg.
   Dat ass falsch: Engersäits gëtt et Sozialwunnenge fir eeler Leit mat nidderegem Akommes an anerersäits kleng Studentewunnengen. D'Generatioune liewen ënnert engem Daach.
8. D'Studente brauche keng speziell Formatioun, fir mat de Senioren zesummenzewunnen.
   Dat ass richteg.
9. Leit, déi zu Lëtzebuerg Asyl ufroen, mussen an engem spezialiséierte Foyer wunnen.
   Dat ass falsch: Leit, déi zu Lëtzebuerg Asyl ugefrot hunn, kënnen a Familljen opgeholl ginn, amplaz datt si mussen an engem Foyer wunnen.

3. Lauschtert d'Texter a liest d'Aussoen. Ass dat richteg oder falsch? Kräizt un.

126-129

		Richteg	Falsch	Dat gëtt net gesot.
1	Den Hakim gëtt vun der Famill bezuelt, fir am Haus ze hëllefen.			X
	Den Hakim mécht e Sproochecours, fir Lëtzebuergesch ze léieren.			X
2	Déi eeler Koppel huet keng Loscht, an en Altersheem wunnen ze goen.	X		
	Sämtlech Altersgruppe ginn an der Wunngemeinschaft acceptéiert.		X	
3	De Mann konnt sech et bis elo net leeschten, eng Wunneng zu Lëtzebuerg ze kafen.	X		
	An enger Wunngenossenschaft ginn all d'Decisioune vun enger Majoritéit geholl.	X		
4	Déi eeler Leit hu méi Wunnraum wéi d'Studenten.	X		
	D'Studenten an d'Seniore kachen ëmmer zesummen.			X

4. Lauschtert d'Texter nach eng Kéier. Notéiert a Stéchwierder positiv an negativ Aspekter aus hiren Aussoen. Vergläicht mat Ärem Noper.

130-133

Persoun	positiv Aspekter	negativ Aspekter
1	grouss Entlaaschtung, kulturellen Hannergrond méi no kenne léieren	heiansdo gär eleng mat der Famill, heiansdo Verständnisproblemer
2	autonom liewen, altersgerecht ageriicht Wunnengen, Gemeinschaftsraim, Hëllef am Stot a medezinesch Versuergung	laang Waardelëscht
3	selwer mat plangen, demokratesch Ofstëmmung, ökologescht an nohaltegt Wunnen, finanziell interessant	kascht vill Zäit, dacks laang Diskussiounen
4	net wäit ewech vun der Uni, hëllefe sech géigesäiteg, gemeinsam Kichen an Openthaltsraum	keng richteg Studentewunneng, Partymaachen net méiglech

Wunnsituatiounen Säit 96+97

1. Liest a lauschtert d'Texter. Markéiert déi positiv an déi negativ Punkten a vergläicht duerno mat Ärem Noper. 134-136

déi positiv Punkten
déi negativ Punkten

Steve, 34 Joer



Mir wunnen elo scho véier Joer hei zu Keespelt a mir gefält et eigentlech ganz gutt hei. Mir hunn en Appartement an enger klenger Residence gelount, wou just véier Famillje wunnen. Et ass schéi roueg hei a mir kënnen esouguer vun engem klenge Stéck Gaart profitéieren. Dat ass flott fir eise Jong. Mir géingen natierlech och gär iergendwann eppes Eegenes kafen, mee mir sinn nach net decidéiert, wou. A well de Loyer hei net esou héich ass, könne mer elo mol nach e bësse spueren. Hei zu Keespelt ass zwar net esou vill lass, mee d'Stad ass jo net wäit ewech. Fir an d'Stad schaffen ze fueren, huele mir den Auto, well et mam ëffentlechen Transport e bëssen ze komplizéiert ass. Leider verbrénge mir vill Zäit am Stau. Et war am Fong net esou schwéier, déi Wunneng hei ze fannen. Wa mir enges Daags en Appartement kafen, da géing ech op jidde Fall gär no bei der Natur wunnen.

Sonia, 52 Joer

Mir hunn eis dëst Joer eisen Dram erfëllt: Den Antonio an ech hunn en ale Bauerenhaff kaaft an elo si mer amgaangen, en ze renovéieren. Et ass zwar vill Aarbecht an et leeft och net ëmmer alles, wéi mir et gär hätten, mee et ass dat, wat mir ëmmer wollten. Een Deel vum Haff ass och scho fäerdeg a mir könne schonn do wunnen. E läit am Norde vum Land, eisen Aarbechtswee ass elo méi wäit, mee et gëtt eng direkt Zuchverbindung. Dat war eis och immens wichteg, well mir wëllen net vum Auto ofhängeg sinn. Bei der Renovatioun passe mir och op, datt alles op eng ëmweltbewosst Manéier gemaach gëtt. Leider si mir selwer handwierklech net esou begaabt, sou datt mir op vill Betriber ugewise sinn. Mee mir hu ganz genau Iddien, wéi mir et gär hätten. Den Haff ass grouss an endlech hu mir dann och Plaz, fir Déieren ze halen. Dat war an eiser Wunneng an der Stad virdrun net méiglech. Mir hunn zwar laang gesicht, mee endlech hu mir dat fonnt, wat mir schonn ëmmer wollten.

Yussuf, 40 Joer

Mir wunnen am Moment an der Stad, an zwar op enger Haaptstrooss. Eise Quartier ass am Fong ganz flott, et gëtt alles hei, mee bei eis kann ee keng Fënster oploossen. Et ass schrecklech vill Kaméidi an d'Ofgase vun den Autoe sinn och net grad gesond. Ee Gléck plënnere mir geschwënn an en neie Wunnquartier net wäit vun hei. Do ginn aacht kleng Residencen an zwanzeg Eefamilljenhaiser gebaut. Natierlech gëtt bei dësem Projet vill Wäert op Nohaltegkeet geluecht; all d'Haiser a Wunnenge si passiv. Mee virun allem däerfen do keng Autoe parken a fueren, an dat ass fir eis dat Wichtegst. Am Quartier selwer soll et och e puer Geschäfter, eng Crèche an e Quartierstreffpunkt ginn, fir déi sozial Kontakter ze förderen.

2. Lauschtert den Text e puermol. Notéiert fir d'éischt den Inhalt a Stéchwierder. Schreift duerno mat Hëllef vun de Sazufäng e klenge Resumé.

137

Zum Beispill:

Am véierten Text geet et ëm eng **Fra, déi mat hirer Famill zu Pärel wunnt.**

Si wunnt **elo do**, well **d'Präisser zu Lëtzebuerg ze héich sinn.**

Fir si ass et wichteg, datt **si vill Plaz an e Gaart hunn.**

Den Nodeel ass awer, **datt si all Dag wäit fuere mussen.**

Et stéiert si, datt **hir Kanner an Däitschland an d'Schoul goe mussen.**

Si fënnt dat schued, well **si am Lëtzebuerger Schoulsystem méi Sprooche léiere géingen a well et an Däitschland kee Precoce gëtt.**

Wunnen als Locataire Säit 98+99

1. Lauschtert den Dialog a completéiert d'Sätz. Vergläicht mat Ärem Noper.

138 

De Locataire rifft dem Proprietär un, well **hien e Problem mat der Garagëpaart huet.**
Hien erkläert, datt **d'Paart just nach manuell opgeet an datt si dee Problem schonn zënter engem Mount hunn.**
De Proprietär entschëllegt sech a versprécht, **an den nächsten Deeg ee laanschtzeschécken.**
De Locataire proposéiert, **sech selwer drëm ze këmmeren an dem Proprietär dann d'Rechnung ze schécken.**
Mee de Proprietär seet, **datt hien dat bis Enn der Woch reegelt.**

3. Liest a lauschtert den Dialog. Markéiert d'Argumenter vum Mann a vun der Fra.

139

● Joëlle ● Steve

● Et nervt wierklech, datt mir dem Proprietär fir alles nolafe mussen. Hie sot scho viru Wochen, hie géif sech ëm d'Garagëpaart këmmeren, mee et ass nach ëmmer näischt geschitt. Ech géing souwisou léiwer méi no bei der Stad wunnen. Mat e bësse Chance fanne mer vläicht eppes, wat eis gefält.

● *Wa mir eis dat leeschte kéinten, da kéinte mir eis dat jo iwwerleeën. Mee d'Wunnen an der Stad ass deier an ausserdeem gefält et mir gutt hei zu Keespelt. Ech duecht, du wiers och frou hei. Firwat wëlls du da plënneren?*

● Ech langweile mech hei. An de Bus brauch eng hallef Éiwegkeet bis an d'Stad. Ech géing gär mol spontan shoppe goen oder mat enger Frëndin eppes drénke goen. Mee wann een hei wunnt, da muss een ëmmer alles laang am Viraus organiséieren. Mir kéinte jo einfach emol d'Annoncë kucken. Vläicht ass jo eppes fir eis dobäi.

● *Joëlle, kéints du wgl. e bësse méi realistesch bleiwen? Wéi gesot, eng Wunneng an der Stad ass ze deier fir eis.*

● Et wier natierlech e bësse méi deier, mee mir géifen och Sue spueren. Wa mer méi no bei der Stad wunne géifen, da bräichte mir net esou dacks mam Auto ze fueren. A mir géifen och vill Zäit spueren an ech stéing net all Dag mam Auto am Stau.

● *An der Rei. Mir géife bestëmmt e bëssen Zäit gewannen, mee mir hätten och manner Liewensqualitéit. Mir missten zum Beispill op eise Gaart verzichten a mir hätte vill méi Kaméidi a Gestank, wa mer an der Stad wunne géifen. A mir hu jo och eis Frënn, déi hei wunnen, a fein Noperen. Dat ass jo awer och wichteg.*

● Ech mengen, datt eis Frënn eis net vergiesse géifen. Och wa mir an d'Stad plënnere géifen, géife si eis bestëmmt reegelméisseg besiche kommen.

● *Jo, dovunner sinn ech eigentlech och iwwerzeegt. Mee wéi ass et mam Noah? Hien huet och Frënn hei am Duerf an hie geet elo geschwënn an d'Schoul.*

● Jo, dat stëmmt. Mee ech mengen, hie géif séier nei Frënn fannen. An dee Schoulwee hei ass jo awer och eng Katastroph. Hie misst all Dag mam Bus op Kielen fueren. Dat fannen ech net gutt. Ech hätt léiwer, hie kéint zu Fouss an d'Schoul goen.

● *A wéi ass et mat eisem Babysitter? Du weess, wéi schwéier et war, eng vertrauensvoll Persoun ze fannen. Ech fannen, mir sollten alles esou loossen, wéi et ass.*

● Majo Steve, wa mir et net probéieren, da kënne mir et net erausfannen. Géings de mer dee Gefale maachen? Wa mer näischt fannen, bleift jo alles esou, wéi et de Moment ass.

● *O.k., o.k., da maache mer dat alt. Ech ka mol de Sam froen, dee schafft jo an der Immobiliebranche ... Vläicht huet deen e gudde Rot fir eis.*

● Dat wier super!

4. Sicht ee Beispill am Dialog fir déi verschidde Gebräich vum Conditionnel a schreift déi Sätz of.

E Wonsch:

Ech hätt léiwer, hie kéint ze Fouss an d'Schoul goen.
Ech géing gär mol spontan shoppe goen oder mat enger Frëndin eppes drénke goen.

E Virschlag:

Mir kéinte jo einfach emol d'Annoncë kucken.
Ech kéint hie jo mol froen, ob hien e puer Rotschléi fir eis huet.

Eng héiflech Opfuerderung:

Géings de mer dee Gefale maachen?

E Konditiounssaz:

Wa mir eis dat leeschte kéinten, da kéinte mir eis dat jo iwwerleeën.
Mir missten zum Beispill op eise Gaart verzichten a mir hätte vill méi Kaméidi a Gestank, wa mer an der Stad wunne géifen.
Och wa mir an d'Stad plënnere géifen, géife si eis bestëmmt reegelméisseg besiche kommen.

Eng Renovatioun Säit 100-102

1. Kuckt d'Bild. Wat muss alles um Bauerenhaff geschafft ginn?
Liest d'Sätz a schreift d'Zuel bei déi richteg Plaz um Bild.



1. D'Scheier muss renovéiert oder ofgerappt ginn.
2. Den Daach muss frëschgemaach ginn.
3. Et mussen nei Fënsteren agebaut ginn.
4. D'Fassad muss nei gemaach an isoléiert ginn.
5. D'Paweesteng mussen ersat ginn.

3. Wat ass schonn alles gemaach ginn? Wat muss nach gemaach ginn?
Kuckt am Text an notéiert d'Äntwert an déi zwou Kolonnen.

Wat ass scho gemaach ginn?	*Wat muss nach gemaach ginn?*
Déi al Scheier ass ofgerappt ginn.	De Wantergaart muss nach ugebaut ginn.
Et sinn nei Daachlucken agebaut ginn.	D'Luuchte mussen nach un d'Mauer gehaange ginn.
D'Fassad ass isoléiert an ugestrach ginn.	D'Paweesteng mussen (duerch neier) ersat ginn.
Déi al Paweesteng sinn erausgerappt ginn.	De Geméisgaart muss nach ugeluecht ginn.
Et ass e Kraidergaart ugeluecht ginn.	D'Spillplaz fir d'Kanner muss nach opgeriicht ginn.

5. *Kuckt d'Biller a lauschtert d'Gespréicher. Completéiert d'Texter.* 141-146

1

- Esou eppes däerf dach net passéieren! Dee Lavabo do **ass** falsch **montéiert ginn** ! En **hätt misse** méi no riets **opgehaange ginn** ! Op jidde Fall kann dat net esou bleiwen, et kritt een d'Dier jo net méi richteg op!
- *Entschëllegt wgl., mir bréngen dat direkt an d'Rei!*

2

- Firwat **ass** de Salon nach ëmmer net **ugestrach ginn** ?
  Dat **hätt** dach schonn d'lescht Woch **solle gemaach ginn** ?
- *Et deet mer leed. Mir haten d'lescht Woch zwee Leit am Krankeschäin. Mir schécken Iech muer ee laanscht.*

3

- O, wat hutt Dir eng flott Spillplaz!
- *Jo, gell? Se **ass** ganz aus recycléiertem Material **gebaut ginn** . En décken ale Pneu vun engem Trakter **ass** als Sandkëscht **geholl ginn** , en ale Skateboard **ass** als Klunsch **ëmgebaut ginn** a meng al Dëppe **ginn** elo dobaussen an der Spillkiche **benotzt** .*

4

- Bonjour, hei ass Clemens. D'Paweesteng **sinn** haut **geliwwert ginn** , an zwar direkt virun eis Garagenafaart. Et wier gutt, wann déi elo esou séier wéi méiglech **kéinte geluecht ginn** . Wéini kënnt Dir dat maachen?
- *O, déi **hätten** dach eréischt d'nächst Woch **solle geliwwert ginn** ! Mee dat ass kee Problem, mir këmmeren eis direkt dorëm!*

5

- So, är Buedzëmmer **ass** dach viru Kuerzem **renovéiert ginn** , oder? Kanns du dee Betrib, deen dat gemaach huet, recommandéieren? Eis **muss** nämlech och elo **frëschgemaach ginn**.
- *Jo, si hunn tipptopp a séier geschafft! Bannent enger Woch **ass** alles **erausgerappt ginn** an **neigemaach ginn** .*

6

- D'lescht Woch **gouf** eise Router **gewiesselt** an zënterhier geet den Internet net méi richteg. Schéckt wgl. esou séier wéi méiglech ee laanscht, et **muss** nach eng Kéier duerno **gekuckt ginn** .
- *Hutt Der de Router schonn eng Kéier aus- an ugemaach?*

Upcycling Säit 103

1. Liest den Text an äntwert op d'Froen.

1. Wat ass Upcycling?

Beim Upcycling geet et drëm, fir aus ale Materialien eppes Neies ze schafen. Dës al Materialie kréien dobäi eng nei Funktioun an en neie Wäert, ouni datt nei Ressourcen dofir gebraucht ginn.

2. Wat ass den Ënnerscheed tëschent Recycling an Upcycling?

Beim Upcycling geet et drëm, fir aus ale Materialien eppes Neies ze schafen. Beim Recycling gëtt normalerweis aus engem ale Produit nees dee selwechten, awer qualitativ e bësse manner gudde Produit gemaach. Beim Recycling kënnen awer och déi eenzel Bestanddeeler getrennt an nei verwäert ginn.

3. Wou gesäit een Upcycling a méi aarme Länner?

A méi aarme Länner gesäit een den Upcycling am alldeegleche Liewen, well een domat vill Sue spuere kann.

4. Firwat gëtt Upcycling och a méi räiche Länner ëmmer méi beléift?

Et ass en ëmweltfrëndleche Prozess, deen hëlleft, den Offall ze reduzéieren a Ressourcen ze spueren. Et kann ee selwer kreativ ginn an eenzegaarteg an individuell Géigestänn zesummebastelen. An dobäi spuert een och nach Suen, well ee säi Konsum reduzéiert.